



Legislaturperiod - zu enger ganz konkreter, geliefener Bildungspartnerschaft tëscht Elteren a Bildungsinstitutione kommen. Ech sinn also do ganz positiv gestëmmt. Ob ech dann nach dee Bilan wäert virleeën, dat gesi mer dann. Dat schéngt mer nach net ganz sécher ze sinn.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7154 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7154 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

57-mol Jo, 3 Abstentiounen, domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marco Schank), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen (par M. Georges Engel);

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Si mer mat der Dispens d'accord?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou decidéiert.

**Motion 1**

A vu dass et jo schéngt eng Unanimitéit iwwert d'Motioun ze ginn, sidd Der dermat d'accord, dass mer per Handophiewen ofstëmmen?

**(Assentiment)**

**Vote sur la motion 1**

Wie mat der Motioun d'accord ass, ass gebieden, en Zeechen ze ginn.

Wien ass net d'accord?

Wien enthält sech?

Mir hunn Unanimitéit bei der Motioun. Ech soen lech Merci.

A mir ginn zum nächste Projet iwwer, dem Projet 7302. Hei ass de Rapporteur erëm de Gilles Baum an et geet ëm d'Schafung vu Minicrëchen.

## 3. 7302 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Här President, wéi Der gesot hutt, et geet ëm d'Schafe vu Minicrëchen. Mä wat ass dat dann elo, eng Minicrèche? Eng Minicrèche ass en neie Modell, fir Kanner ze betreiën, e Modell, deen tëscht den Dagesmammen, wat mer kennen, an och de klassesche Crëchen, de SEAen, läit. Et ass quasi eng Tëschenetapp.

An enger Minicrèche kënnen maximal eelef Kanner betreit ginn a vun deenen eelef Kanner dierfe maximal véier Kanner ënner engem Joer sinn.

Wéi gouf déi Iddi gebuer? Ma déi Iddi ass gebuer ginn an der Educatiounskommissioun, wéi mer um Gesetz iwwert d'Dagesmamme geschafft hunn a wou mer eis och d'Fro gestallt hunn, ob een dat net alles kéint e bësse méi oppe maachen, ob een dat net kéint méi flexibel maachen. Et ass och eng Demande vum Secteur dobaussen, eng Demande vun den Dagesmamme konkret, déi sech d'Fro gestallt hunn, ob se kéinten hir Aarbecht e bëssen anescht gestalten, e bësse méi flexibel gestal-

ten. Et ass awer och eng Demande vun den Elteren dobaussen um Terrain, déi op der Sich sinn no méi kleng Strukturen, wou ee méi kleng Gruppe vu Kanner kann zesumme betreiën, fërderen a versueren.

Wie schafft an esou enger Minicrèche? Eng Minicrèche, déi gëtt geleet zesumme vun enger Damm, déi den Diplom als Dagesmamm huet, a vun engem Educateur. An, wéi gesot, déi këmmere sech zesummen.

**(Interruption)**

Pardon?

► **Plusieurs voix**.- Oder en Här.

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Oh, Pardon. Jo. Oh jo, dat war wierklech elo en uerge Lapsus. Ech fänken nach eng kéier vu vir un.

**(Hilarité)**

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- En „Gender-Lapsus“.

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- En „Gender-Lapsus“, kréien ech hei gesot.

Also, eng Minicrèche gëtt geleet vun enger Dagesmamm oder engem Dagespapp...

► **Plusieurs voix**.- Ah!

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- ...zesumme mat engem Educateur oder enger Educatrice. Voilà, ech mengen, elo hat ech awer wierklech d'ganz Panoplie hei ofgedeckt. Ech mengen, elo si mer korrekt. An, wéi gesot, si këmmere sech zesummen ëm déi maximal eelef Kanner.

Wat sinn d'Virdeeler vun enger Minicrèche? D'Minicrèche erlaabt et, an de Genoss ze komme vum CSA, vum Chèque-service accueil. An, wann de Wonsch besteet, kann eng Minicrèche och d'Formation plurilingue ubidden, dat heescht, dat spillerescht Erufëieren un eng zweet Sprooch bei de Kanner vun engem bis véier Joer, wat et dann och den Elteren erlaabt, 20 Stonne gratis Betreierung pro Woch ze kréie während 46 Wochen oder méi.

Déi Minicrëchen hei ënnerleien natierlech dem nationale Referenzkader «Éducation non formelle des enfants et des jeunes» a si ënnerleien natierlech och de Visite vum den Agents régionaux.

Wat muss an enger Minicrèche ugebuede ginn? An der Minicrèche mussen d'Kanner kënnen raschten a sech erhuelen. Et muss gewärleescht sinn, dass d'Kanner gesond z'iesse kréien. Et muss gewärleescht ginn, dass d'Hausaufgabe kënnen gemaach ginn an enger Ambiance, déi roueg ass. An d'Kanner sollen derzou erzu ginn, fir och autonom hir Hausaufgaben ze maachen. Et ass natierlech och virgesinn, dass d'Kanner regelméisseg Aktivitéiten dobaussen an der Natur ënnerhuelen, an alleguerten déi aner Aktivitéiten, déi och am nationale Referenzkader virgesi sinn.

Mir hu missen eng zweet Ronn mam Conseil d'État dréien, wat den Delai ugeet. Dat heescht, dee Projet vun de Minicrëchen hei, dee fänkt eréischt d'nächst Joer un, fir dass dee ganze Secteur och Zäit huet, fir sech ëmzestellen op déi Neierungen, wann dat dann natierlech gewënscht ass.

Et waren eng Rei Avisen erakomm. Een Avis war definitiv méi kritesch. Dat war den Avis vun der Chambre de Commerce, dee sech d'Fro gestallt huet iwwert d'Fiabilitéit vun de Minicrëchen. Ben, ech mengen, et muss een deene Saachen hei emol eng Chance ginn, fir sech ze entwëckelen. An da wäerte mer gesinn, ob dat doten effektiv en Element ass, wat complementaire ass zu där Offer, déi mer elo hunn, an ob dat doten dann effektiv souwuel dobausse vum Secteur genotzt gëtt, fir méi flexibel kënnen ze schaffen, wéi awer och vun den Elteren.

Voilà! Mat deem Gesetz leeë mer e weidere Bausteen zu enger qualitativ héichwärteger Kannerbetreierung. An ech ginn duerfir och elo direkt schonn den Accord vun der Demokratescher Partei zu deem Projet.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Hetto-Gaasch.

**Discussion générale**

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt dem Rapporteur Gilles Baum villmools Merci soe fir sâi wierklech explizitte mëndlechen a virun allem awer och schrëftleche Rapport. Haut gëtt also en neie Betreierungsmodell gestëmmt, an zwar dee vun de Minicrëchen, enger neier complementaire Offer, fir d'Kanner ze betreiën, an dat an engem klengen, méi heemlegen Umfeld.

Wann ee weess, dass all Joer hei zu Lëtzebuerg zirka 6.100 Kanner op d'Welt kommen, wann een och weess, dass all Joer ronn 15.000 Leit

nei op Lëtzebuerg wunne kommen, dorënner och ganz vill Famillje mat Kanner, ech mengen, da brauch een net ganz vill Fantasie ze hunn, fir ze wëssen, dass de Besoin u Betreierungsstrukturen a Betreierungsmesurë fir eis Kanner permanent wiißt an d'Offer wierklech kontinuierlech muss ausgebaut ginn.

A ganz ville Famillje mussen d'Elteren zu zwee schaffe goen an d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff ass a bleift wierklech hautdesdaags nach ëmmer eng regelrecht Erausforderung, ganz besonnesch fir Elengerzéier an awer och fir Leit, déi op Schichte schaffen oder de Weekend musse schaffen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir begreissen d'Schafung vun de Minicrëchen. Mir maachen awer och drop opmierksam, dass des Minicrëchë genau wéi déi konventionell Betreierungsstrukturen keen Accueil de Weekend an och net iwwer Nuecht ubidden. Dës Méiglechkeet bidden eenzeg an eleng Dageselteren un, déi allerdéngs duerch d'Gesetz vum leschten November méi geschiedegt wéi ënnerstëtzt goufen.

Hir Aarbecht tëscht 7 Auer owes a 7 Auer moies an de Weekend iwwer ass dem Minister just 4,25 Euro wäert gewiescht. A mir haten deen Tarif vu 4,25 Euro och staark kritiséiert, well mer fannen, dass et net duergeet, fir déi wäertvoll Aarbecht ze honoréieren, well et déi concernéiert Dageseltere wierklech an eng prekär Situatioun bréngt.

Wann een elo déi nei rezent Chifferen och vum Educatiounsministère kuckt, da muss ee feststellen, dass d'Unzuel vun den Agerementen a Betreierungsplaze bei Dageselteren erofgeet. Wie wonnert dat? Duerfir wär et interessant, Här Minister, fir wierklech eng Analys ze maachen, wat d'Ursaachen dovunner sinn. Mir bedauern op alle Fall, dass ee wichtegt Standbeen an der Kannerbetreierung riskéiert auszestierwe faute de combattant oder awer och nach vläicht faute de soutien!

Als Äntwert op déi ënnerschiddlech Besoine vun den Eltere brauche mer awer eng grouss Diversitéit an der Offer. Nieft den Dageseltere stellen duerfir och déi Minicrëchen eng weider complementaire Betreierungsméiglechkeet duer. A mir begreissen och deesen intermediairë Betreierungsmodell, wou sech en Educateur mat enger Dagesmamm oder soss enger Persoun mat entsprecherender Formatioun kann zesummendoen, fir d'Betreierung vun engem klengem Grupp vu maximal eelef Kanner beieneen ze assuréieren.

D'Minicrëchë kënnen den Accueil vu moies 5 bis owes 11 Auer offrëieren. Hei ginn d'Elteren dann och ganz bewusst hir Kanner an dee méi klengen, heemlege Grupp, well si der Meenung sinn, dass hiert Kand sech do besser zu rechtfinnt, well et méi eng familiär Struktur ass an och just zwou Besuchspersounen do sinn.

Wéi gesot, mir begreissen déi complementaire Offer. Mir bleiwen awer trotzdem bei eiser Meenung, dass déi gratis plurilingual Betreierung, déi déi Minicrëchen dann och dierfen offrëieren, bei Kanner ab engem Joer verfréit ass. Mir wëllen onbedéngt do, an deem Alter ganz besonnesch, de Fokus op dat Lëtzebueresch leeën, Lëtzebueresch als Integratiounssprooch.

Haaptkritikpunkt vum Statsrot an och, wéi de Rapporteur et gesot huet, vun der Chambre de Commerce bei deem ganze Konzept ass awer, dass d'Minicrëchen zu enger Concurrence déloyale kéinte féieren. Si hunn näamlech par rapport zu de Privatrechë vill manner restriktiv Oplagen ze erfëllen, wat d'Infrastrukturen ubelaangt, zum Beispill musse si kee Gaart hunn - a mir hoffe jo, dass an deem heite Fall da wierklech d'Minicrëchen dervunner profitéieren, fir weinstens mat de Kanner an en noe Bësch spilen ze goen -, awer och wat d'Sécherheet an och wat d'Qualifikatiounen vum Personal ubelaangt.

Och ass net kloer, wéi des kleng Struktur ka fonctionnéieren, wann zum Beispill den Educateur krank gëtt an den Accueil vun de Kanner awer weider muss assuréiert ginn. Well d'Eltere musse sech jo awer kënnen drop verloossen. D'Minicrëchë mussen an eisen Aen zu all Moment eng qualitativ héichwärtig Betreierung ubidden.

Duerfir deposéieren ech och am Numm vun der CSV-Fraktioun eng Motioun, an där mir froen, dass dräi Joer nom Akraaftriede vun deem Gesetz de Modell vun de Minicrëchen eng kéier op de Leescht geholl, evaluéiert a gegebenenfalls adaptéiert gëtt. Wann ech glöft, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci.

**Motion 1**

*La Chambre des Députés,*

- constatant qu'il persiste une augmentation continue de la demande de places en structures d'accueil;

- notant que le projet de loi sous référence crée un nouveau modèle d'accueil ayant pour objet de compléter l'offre existante constituée par les structures d'éducation et d'accueil et les assistants parentaux;

- considérant que les nouvelles structures initiées par le projet de loi sont soumises à des obligations et charges différentes en matière de qualification et d'expérience du personnel, ainsi qu'en matière d'infrastructure et de sécurité;

- convaincue que les nouvelles structures devraient accomplir leurs tâches de façon décente et sérieuse;

*invite le Gouvernement*

- à présenter à la Chambre des Députés au plus tard trois ans après la mise en vigueur de la loi y relative une évaluation du fonctionnement du nouveau modèle d'accueil.

(s.) Françoise Hetto-Gaasch, Sylvie Andrich-Duval, Martine Hansen, Martine Mergen, Laurent Zeimet.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Et ass wichteg ze kucken, wéi des nei Form vu Betreierung sech an déi besteeënd Offer afüügt, ob se déi traditionell eventuell verdrängt, eventuell souguer zu Abuse ka féieren, andeems grouss Strukturen drun denken, sech a méi kleng Strukturen opzesplécken, fir domadder den Oploen ze entgoen an Ufuorderungen ze ëmgoen. D'Chambre de Commerce hat dat jo definitiv an hirem Avis opgefouert. Dëst soll een op alle Fall, Här Minister, wierklech am A behalen.

Dat gesot, soen ech lech awer villmools Merci alleguer fir Är Opmierksamkeet a ginn trotz eisen Iwwerleeungen a Bedenken den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

**(Interruptions)**

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Et war top, gellt?

**(Hilarité)**

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Simone Asselborn-Bintz.

► **Mme Simone Asselborn-Bintz**, (LSAP).- Très bien! Här President, Kolleegen a Kollee-ginnen, mat deem Gesetz 7302 gëtt also d'Offer vun der Kannerbetreierung ausgeweit. Déi sougenannte Minicrëchë gi mat deem Gesetz agefouert, wat jo dann eng Aart vu Betreierung duerstellt, déi sech, an dat huet de Rapporteur gesot, tëscht den Dagesmammen an de klassesche SEAen agliddert.

Hei gëtt elo eng méi kleng, iwwersiichtlech Struktur geschafft, wat u sech nëmme vu Virdeel fir d'Kanner an och fir d'Persoun a fir d'Elteren ass. D'Dagesmamme kënnen, wa se da wëllen, och vum Plurilinguismus profitéieren an eng Minicrèche grënnen, wat jo dann heescht, an dat ass jo och scho gesot ginn, dass se bei Kanner vun eent bis véier Joer déi 20 Stonne gratis Betreierung kënnen offrëieren.

Natierlech muss ee sech u verschidde Kritären halen, déi festgeschriwwen sinn a wat jo u sech déiselwecht Kritäre si wéi an jiddwer anerer Betreierungsstruktur a wéi se am nationale Referenzkader vun der nonformaler Bildung bei Kanner a Jonke sinn an am Gesetz vum 4. Juli 2008 stinn.

Besonnesch ervirzehiewen ass, dass mat de méiglechen Öffnungszäite vu 5 Auer moies bis 11 Auer owes och Elteren, déi Schichte schaffen an net d'Méiglechkeet hunn, fir d'Kanner an enger klassischer Crèche oder Maison relais versuergt ze kréien, hei kënnen dovunner profitéieren. Natierlech muss et kloer sinn, dass nëmmen déi Elteren, déi esou schaffen, och hir Butzen éischter kënnen brénge respektiv méi spéit siche kënnen kommen.

Et ass virgesinn, dass e Minimum vun zwee Leit educatiivt Personal sech ëm d'Kanner këmmere, wouvun dann een Educateur/Educatrice ass an eng weider Persoun, déi entweder Formatioun am Kader vum sozioeducativen Enca-drement huet oder de Certificat vun der Assis-tante parentale. An dat mat an Ganzen eelef Kanner gläichzäiteg, woubäi maximal véier Kanner ënner engem Joer dierfe sinn.

De Betreierungsschlüssel ass also aneschters wéi an de klassischen SEAen, also een Encadrant op sechs Kanner, egal wat fir en Alter se hunn,





wat wierklech an dëser Struktur vu Virdeel ass. Dat hëlleft derzou bäizedroen, dass d'Qualitéit vun der Betreierung verbessert gëtt.

À propos Qualitéit: Et ass och kloer, dass och d'Minicrèche sech mussen un d'Qualitéitskritären halen. Mir fäerten awer, dass zwee Leit u Personal net duerginn, fir déi néideg administrativ Aufgaben, fir d'Preparatioun, fir d'Elterenaarbecht an och fir d'Formatioun, déi se musse maachen, ze erfëllen. Wann een aacht Stonne bei de Kanner soll sinn, d'Crèche am Ganze potenziell 18 Stonnen op ka sinn, weess ech net, wéi een dat organiséiert kritt, ausser et ass een un enger anerer, méi grousser Struktur ugegliddert, déi dann och emol ka Remplacementen vu Congé oder Krankeschäiner maachen.

Elong zu zwee ass dat an eisen Aen net machbar. Mir wëssen, et steet e Minimum vun zwee Encadranten am Gesetz, mä an der Praxis muss dat awer ganz kloer méi Personal sinn. Et kann net sinn, dass d'Personal Iwwerstonne maache muss an eventuell debordéiert ass. Do musse mir garantéieren, dass an der Praxis genuch qualifizéiert Personal agestallt gëtt. Dofir gesi mer an dëse Strukturen och e Virdeel, wa se u bestoend SEAen ugegliddert ginn, wou e Pool vun Erzéier besteet an och déi néideg administrativ Strukture bestinn.

En anere Punkt, deen ech hei nach wollt ernimmen, ass d'Qualitéitskontroll duerch d'Agents régionaux vum SNJ. Och d'Minicrèche ginn dann elo, wéi déi aner Betreuungsstrukturen, déi en Agreement hunn, vun dësen Agenten kontrolléiert. Do hoffe mer, a mir hunn dat och an der Kommissiounssitzung gesot kritt, dass do nach weider Agenten agestallt ginn, well soss fäerte mer, dass d'Kontroll net optimal ass. Do kéint och ugeduecht ginn, dass déi Agenten och emol net ugekënnegt an d'Haiser ginn, well am Moment gi se, laut mengen Informatiounen, nëmmen op Rendez-vous kontrolléieren.

Fir eis als LSAP ass et kloer, dass mer musse sécherstellen, dass eis Kanner eng optimal Erzéiung a Betreierung kréien an dass mer et den Elteren erlaben, Beruff a Famill an Aklang ze kréien, well nëmmen zefridden an erfëllten Eltere garantéieren och zefridden an erfëllte Kanner.

Dofir stëmmen mir dëst Gesetz selbstverständlech mat, well et e weideren Deel ass vun enger gudder a qualitativ héichwäerteger Kannerbetreierung. Ech soen zum Schluss dann awer och nach dem Gilles Baum Merci fir säi gudden méndlechen a schrëftleche Rapport, an lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An déi nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen alleguer, dass d'Kanner an den éischte Liewensdeeg, -wochen, -méint a -jore verlässlech Vertrauenspersounen brauchen, fir sécher Bindunge kënnen opbauen. A mir wëssen och alleguer, dass d'Kanner sécher Bindunge brauchen, fir hir sozial an intellektuell Fäegkeeten ze entwëckelen.

Aus deem Grond ënnerstëtzen déi gréng all Effort, deen et erlaabt, den Eltere méi Zäit fir hir Kanner ze ginn an eng gudd Relatioun mat hinne opbauen, esou zum Beispill den Ausbau vum Congé parental an all aner Moosssnam, déi geduecht ass, fir d'Elteren an hirer Erzéiungsaufgab ze stäerken. Dat wollt ech virausschëcken.

Als Gréng sti mir awer och fir Gläichberechtigung a fir eng Gesellschaft, an där schaffen, Famill a Kanner sech net dierfen ausschléissen. Béides muss fir béid Elterendeeler méiglech sinn. An deem Sënn ass et der Politik hir Pflicht, derfir ze suergen, dass kee Papp a keng Mamm weinst feelende Betreuungsstrukturen derzou forcéiert gëtt, sech komplett aus dem Aarbechtswies zréckzezéien, mat alle soziale Problemer, déi dat ka mat sech bréngen.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi kënn d'Regierung dëser Pflicht ganz genee no, eng weider Kéier, andeems se d'Offer vun der Kannerbetreierung duerch d'Konzept vun de Minicrèche komplettéiert. Wéi dës Strukture fonctionnéieren a wéi eng Qualitéitskritäre se mussen erfëllen, huet de Kolleg Gilles Baum gutt erkläert. An duerfir wëilt ech him och Merci soen.

Ech wëilt awer och eng Remark maachen, déi allgemeng d'Kannerbetreierung betrëfft. Wann een iwwert déi schwätzt, gëtt näamlech oft

emotional diskutéiert. Virun allem gëtt gefaart, dass d'Grondbedürfnisse vun de Kanner an den Arichtungen vun der Betreierung net erfëllt kënnen ginn, well d'Personal méi oder manner oft wiesselt an net déiselwecht Vertrauensbasis zu de Kanner kann opbaue wéi d'Elteren.

Fir déi emotional Entwëcklung an déi intellektuell Entwëcklung vum Kand bedeit dat effektiv eng reell Gefor, déi sech virun allem bei laange Betreuungszeiten bemierkbar mécht an eescht geholl muss ginn. Dat ass ee Grond méi, fir de Congé parental auszubauen a flexibel ze gestalten.

Op där anerer Säit besteet awer e wëssenschaftleche Konsens doriwwer, dass eng gudd Bindung vun de Kanner zu den Elteren net duerch eng ausserfamiliär Betreierung gestéiert ka ginn am Fall, wou d'Betreierung zäitlech limitéiert ass, an am Fall, wou d'Qualitéit vun der Betreierung séchergestallt ass.

Duerfir begrësse mir ausdrécklech, Här Minister, dass d'Minicrèche, déi mat dësem Projet de loi geschafe ginn, vun enger diploméierter Educatrice oder engem diploméierten Educateur an enger agréierter Dagesmamm oder engem Dagespapp musse gefouert ginn, grad wéi och d'Obligatioun, dass d'Konzept dem nationale Referenzkader muss entsprechen.

Ganz wichteg ass och fir eis d'Kontroll vun der Qualitéit a vun der Facturatioun, déi am private Betreuungssektor laang ze wënschen iwwregelooss huet a weider muss verstärkt ginn, fir Äbuse an Käschte vun de Kanner a vun de Familljen ze verhënneren.

Dir Dammen an Dir Hären, dat zielt eben och grad fir d'Minicrèche, e Konzept, wat fir Lëtzebuerg nei ass, mä wat et awer scho gëtt a wat am Ausland schonn erprouft ass, virun allem an Däitschland, wou déi sougenannten „Mini-Kitas“ e groussen Zoulaaf hunn.

Laut engem Erfahrungsbericht aus der „Süddeutsche Zeitung“ vum November 2017 leien d'Virdeeler virun allem doran, dass dës Strukturen an allen Hisiichte manner opwänneg sinn, dass se méi eng heemleg Atmosphär a méi e Sécherheetsgefëll vermëttelen, dass se den Opbau vun tëschemënschleche Bezéiunge vereinfachen, well et net vill anescht zougeet wéi an enger grousser Famill, an dass se d'Toleranz vun der Noperschaft erhéien.

An engem Wunnquartier falen zéng Kanner näamlech kaum op. Sinn et der awer, wéi bei de klasesche Crèche, bis zu 100, dann ass de Widerstand vun der Noperschaft virprogramméiert a konfrontéiert d'Gemenge mat der Fro, ob se iwwerhaupt nach gréisser Privatreche an de Wunnquartiere sollen erlaben.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Konzept vun de Minicrèche huet also kloer Virdeeler, déi mir als Gréng begrëssen. E weineg bedenklech ass, dass d'Bedreiwer net forcéiert sinn, e Bausseberäich unzeleeën, deen et de Kanner erlaabt, sech all Dag an der frëscher Loft ze bewegen. Dee Volet ass an der Kommissioun ervirgestrach ginn.

Op där anerer Säit muss een an deem Kontext awer och dervun ausgoen, dass d'forméiert Personal déi néideg Fachkompetenz huet, fir ze wëssen, dass d'Kanner vill Bewegung, frësch Loft an d'Natur brauchen, fir sech gesond kënnen ze entwëckelen. Näischt verhënnert, dass d'Erzéier sech mat de Kanner op den Tour maachen, sief et an déi direkt Ëmgegend, sief et an de Bësch, wou de Bewegungsdrang vun de Kanner besser erfëllt ka gi wéi an engem zoubëtonéierte Bannenhaff.

E Volet, deen och nach eng Kéier muss op de Leescht geholl ginn, denke mer emol, sinn d'Ëffnungszeiten, déi momentan net alle beruffstätegen Eltere kënnen gerecht ginn.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmoos Merci, Här President. Och nach eng Kéier e Merci un den Här Baum, deen och dëse Projet ganz gutt presentéiert huet. Ech mengen, hien huet eis ganz kloer gesot an duergestallt, woumat mir och d'accord sinn: dass d'Minicrèche eng gutt Iddi ass. An hei ass jo an deene verschidde Rieden och nach eng Kéier ënnerstrach ginn, wat et un zousätzleche Méiglechkeeten, u Flexibilitéit bréngt, dass et eng ganz Rei Leit, souwuel an deem zoustännege Sektor wéi och bei den Elteren, kann arrangéieren, op esou eng Méiglechkeet zréckze-gräfen. Also, als ADR sti mer och der Iddi vun de Minicrèche ganz positiv géintuwwer.

Awer och hei, mengen ech, ass et ubreecht, um Enn vun enger Legislaturperiod e puer méi allgemeng Kommentaren ze maachen iwwert

d'Politik, déi mer elo gesinn hunn an dësem Beräich.

Dat Éischt ass, dass mer nach eng Kéier feststellen, dass d'Erzéiung vun de Kanner d'Recht an de Privileeg vun den Elteren ass. Wann also hei gesot gëtt, dass d'Minicrèche oder iwwerhaupt déi Strukturen an deem Alter eng Aufgab an der Erzéiung hätten, dann ass dat héchstens subsidiaresch. Et ass héchstens eppes, wat d'Eltere kann ënnerstëtzen, mä de Stat kann, därer sech net umoossen, fir ze soen: „Mir erzéien d'Kanner an et sinn d'Elteren, déi den accessoire Rôle hunn.“ Dat ass op jidde Fall net déi Perspektiv. Dofir gesi mir och déi politesch Zoustännegkeet fir d'Kannerbetreierung an deem Alter net bei der Educatioun, mä an der Familjepolitik.

Déi zweet Bemierkung ass déi vun der Politik iwwerhaupt - ech mengen, d'Madamm Lorsché huet dat nach eng Kéier an Erënnerung geruff -, iwwert déi Méiglechkeeten, déi d'Elteren hunn, fir ze decidéieren, wéi e Familljemodell, wéi ee Liewensmodell fir si dee richtegen ass. Mir hunn eng Regierung, déi an deene leschte fënnf Joer konsequent alles gemaach huet, fir déi Familljen ze ënnerstëtzen, déi wëllen/mussen - wéi och ëmmer - sech decidéieren, fir zu zwee schaffen ze goen. A mir als ADR sinn och op dee Wee matgaangen, well mer denken, et ass richtig, fir Leit, déi fir sech déi Wiel wëllen treffen, och ze ënnerstëtzen.

Awer wat eis feelt, dat ass, dass mer och déi ënnerstëtzen, déi eng aner Decisioun fir hir Famill wëllen huelen, déi decidéieren, dass ee wëllt doheim bleiwen, fir déi elementar elterlech Aufgab vun der Kannererzéiung selwer ze iwwerhuelen. An dat ass eppes, wat dës Regierung komplett negligéiert huet. Si schwätzt vu Chancëgläichheet. Awer andeem se ee Volet, eng Fräiheet vun de Familljen ausklammert a souguer aktiv eigentlech ëmmer géint dee Volet kämpft - also si huet se bekämpft, si ass dergéint virgaangen -, huet se d'materiell Méiglechkeeten ewechgeholl, fir esou e Choix ze erméiglechen. Dat ass och net de Wee vun der ADR.

En nächste Kritikpunkt, dee mir hunn, deen an dëser Legislaturperiod ageféiert ginn ass, ass déi plurilingual Fréierzéiung. Och hei ass dat erëm eng Kéier ginn an ech gleewen eigentlech ëmmer manner, dass dat soll spilleresch sinn, well wann een den Text vum Gesetz liest, da schwätzt een hei vun der Pratique quotidienne des deux langues.

Et ass eigentlech net méi déi éischt Iddi vun dem spillereschen Eruféieren un eng aner Sprooch, mä Schrëtt fir Schrëtt gesi mer hei och, dass dat Franséisch praktesch etabléiert gëtt. E Franséisch, wat a méi wéi enger Hisiicht diskriminatoresch ass. Et ass diskriminatoresch virun allem géintuwwer deene Kanner, Auslännerkanner, déi op Lëtzebuerg kommen an déi weder e Lëtzebuergesch- noch e franséisch-sproochegen Hantergrond hunn an domadder direkt mat zwou Friemsproochen konfrontéiert ginn. Eppes wat mir net kënnen akzeptéieren! Et ass eng Diskriminatioun ënner auslännesche Kanner oder Kanner, déi ebe kee Lëtzebuergesch oder Franséisch als Mammesprooch hunn.

Ech wär bal versicht, fir deene Gender-Korrekten hei eng Freed ze maachen, fir „Mammen- oder Pappesprooch“ ze soen, mä ech ginn net op deen Niveau erof, dass ech mech op déi Gender-Diskussiounen hei aloossen.

Dat Zweet ass, dass mer hei also net nëmmen eng Diskriminatioun hunn, mä eng Brems fir d'Integratioun. Et ass fir eis einfach kloer an däitlech, dass mer Lëtzebuergesch als eenzeg Integratiounssprooch vun Ufank un hunn, well et deen eenzege Wee ass, fir laangfristeg dës Gesellschaft zesummenzehalen an déi hei an dës Gesellschaft ze integréieren, déi nei bei eis kommen. Déi konsequent Favoriséierung vun der multilingualer Fréierzéiung ass eng vun den Hypotheken an der Ierfschaft vun dëser Regierung fir déi nächst Joren. Eppes, wat muss korrigéiert ginn, wa mer en Zesummenhalt, eng Solidaritéit, eng Kohäsioun an der Lëtzeburger Gesellschaft och an der Zukunft gär hätten.

Et freet mech, dass d'CSV heihikënn an eigentlech och seet: „Mir si géint déi multilingual Fréierzéiung.“ Mä da stëmmt se awer fir dat Gesetz hei. Dat ass eng Logik, déi mir net kënnen novollzéien a wou mir froen, wat dann d'Kredibilitéit ass vun enger Partei wéi der CSV, déi seet: „Mir sinn net d'accord“, an elo scho praktesch seet: „Mir sinn awer d'accord, well mir stëmmen derfir.“

Ech kann lech elo scho soen, dass, wann d'CSV an enger nächster Koalitiounsverhandlung ass, se nogëtt an dass se ëmfält an dass se och déi multilingual Fréierzéiung matstëmmt. Dat ass elo scho kloer, soss géif se wéi mir haut dëst Gesetz net matstëmmen. Mir enthalen eis, well

wéi gesot, d'Minicrèche ass eng gudd Iddi. Awer esou, wéi dat eis hei presentéiert gëtt, kënnen mir et net akzeptéieren.

Ech soen lech Merci.

(Brouhaha)

► **M. Marc Spautz (CSV).**- ...eng Meenung soen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Spautz (CSV).**- Wann Der eng Meenung hätt, da géift Der Jo oder Nee soen.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Hei si Koalitionspartner, déi anscheinend schonn an Diskussiounen sinn.

(Hilarité)

Här President, mir hu sécherlech näischt géint Minicrèche. Mir hunn näischt géint den Inhalt dovun, och net géint d'erweidert Flexibilitéit, déi et Elteren erméiglecht, och an engem anere Kader hir Kanner betreit ze gesinn.

Woumat mir awer e gréissere Problem hunn, dat ass d'Form, wéi dat organiséiert ass. Mir hunn an deene leschte Méint a Jore gesinn, dass Privatreche wierklech wéi Champignonen aus dem Buedem spréissen. An domat hu mer awer e grouse Problem, well mer mengen, dass d'Kannerbetreierung als Deel vun der nonformaler Bildung, als Element vun enger plurilingualer Erzéiung net kann der Logik vu privaten oder lukrative Gewënninteressen ënnerluecht sinn. A mir mengen, dass sech och heimadder d'ëffentlech Hand eigentlech dedouanéiert vun enger Verantwortung, déi hir misst sinn a wou méi misst an ëffentlech Strukturen investéiert ginn. An dat hei ass eng Solution de facilité, déi, mengen ech, net am Intérêt vun deene ganz Klengen ass.

An dann, wat d'Qualitéit ugeet, do war ech awer ganz staark iwwerrascht, dass souguer d'Chambre de Commerce an hirem Avis geschriwwen huet, dass si géif «[estime que l'assouplissement] d'exigences en termes de qualité, de sécurité et d'hygiène à l'égard des [mini-crèches risque] d'induire une dégradation de la qualité des services d'accueil des enfants (...)», soudatt ech mengen, wa souguer d'Chambre de Commerce dat do zumindest als eng Gefor vun Degradatioun vu Kannerbetreierung gesäit, dass dat kee Projet ass, dee mir matstëmme wäerten.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Claude Meisch, zoustänneg fir d'Éducation nationale, d'Kanner an d'Jugend. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och hei nach eng Kéier Merci dem Rapporteur.

Mir hate jo och scho virun engem Joer eng Diskussioun an der Kommissioun iwwert d'Minicrèche. A mir hunn zesumme gekuckt eigentlech, wat mer kënnen maachen, fir déi Landschaft vu Betreuungsstrukturen nach eng Kéier méi villfältig ze maachen, well d'Attenté vun den Elteren och ganz ënnerschiddlech kënnen sinn.

Oft héiert een eng Kritik, heiansdo hei am Raum, awer och bei Elteren dobaussen, d'Betreuungsstrukturen wäeren ze grouss, ze oniwerrsiichtlech, et wäere Strukturen, déi net wierklech de perséinleche Kontakt géifen erméiglechen, well ganz vill Personal do wär, wat dann och nach géif wiesselen tëschent deenen eenzelne Gruppen. Ech mengen, dass dat och sécherlech eng organisatoresch Fro ass fir gréisser Strukturen, fir awer sécherzustellen, dass dat am Interessi vum Kand ass.

Mä ech begrëssen et awer och wierklech hei, dass mer kënnen zesummen op e Wee goen a mat larger Majoritéit kënnen op e Wee goen, fir eng weider Méiglechkeet ze schafen, näamlech déi vun der Minicrèche: eng Crèche, déi méi kleng ass, méi iwwersichtlech, manner Kanner huet, manner Personal huet, fir de Rescht awer, vun der Qualitéit vun hire Services an och fir de Gros vun deem Dispositif, deen noutwendeg ass, wat d'Infrastruktur ubelaangt, d'selwecht muss fonctionnéiere wéi all déi aner Strukturen, wéi Crèche, wéi Maison-relais, well se soss entweder keen Agreement kritt respektiv net ënnert d'Konditiounen vum Chèque-service wäert passen. Also d'Struktur wéi och déi pädagogesch Ausrichtung musse stëmmen. Et ass hei Minicrèche, mä awer Maxiqualitéit, déi muss gebuede ginn, soss kann ee keng Minicrèche opmaachen.

Ech wëll eng Explikatioun ginn zu deenen Zuelen, wat d'Dageselteren ubelaangt. Dat ass an der Realitéit net ganz esou. D'Zuel vun agréierten Dageselteren huet wuel ofgehall. Allerdéngs d'Plaze fir d'Kanner, déi ugebuede





gi bei Dageselteren, ass stabil bliwwen. Dat huet domadder ze din, datt mer duerch de Qualitéitscontrôle, dee mer gemaach hunn am Abrëll 2018, festgestallt hunn, datt der ganz vill eigentlech Karteiläiche waren, déi keng Kanner méi haten. An déi sinn an der Statistik elo net méi dran. Duerfir ass eben d'Zuel vun de Kanner, déi bei Dageseltere betreit ginn, och plus ou moins stabil bliwwen.

Dat heite bitt jo och - an dat war eng vun de Motivatiounen, vläicht net déi wichtegst, mä eng vun de Motivatiounen, fir op de Wee vu Minicrëchen ze goen - eng Perspektiv fir Dageselteren, déi sech kënnen associéiere mat enger Educatrice oder engem Educateur, fir dann esou eng Struktur opzemaachen. Et steet och néierens, datt dat just zwee Leit dierfe sinn. Et mussen der zwee sinn. Sécherlech, jee no Öffnungszäite mussen dat der jo och méi sinn. Mir musse jo och kucken, wéi do d'Aarbeitsrecht kann agehale ginn.

An déi Fro vum Remplacement, mengen ech, déi stellt sech hei gradesou gutt wéi bei enger anerer Crèche. Dat heescht, et brauch ee Remplaçanten. Déi stellt sech awer am extremste Fall sécherlech och bei den Dageselteren, well wann ee sech dorobber verléisst an et ass en Einmannbetrieb oder Einfraubetrieb, fir da genderméisseg korrekt hei ze sinn, da stellt déi Fro sech ganz, ganz radikal. An do huet ee jo keen Zweeten oder Drëten, deen emol eng Kéier do kann asprangen.

Ech soe Merci fir déi breet Zoustëmmung. Ech hoffen, datt mer hei ebe kënnen enger Demande um Terrain nokomme vun den Eleren, datt mer méi kleng Strukturen och queesch uechtert d'Land kréien: am ländleche Raum, an den Dierfer, fir net duerch dräi aner Dierfer an d'Crèche moies mussen ze fueren, mä bei sech am Duerf, bei sech an der Strooss eppes ze fannen; an de Stied, fir net duerch d'ganz Stad mussen ze fueren, fir an engem anere Quartier eng Crèche ze fannen, mä och do bei sech am Quartier, bei sech an der Strooss eng Léisung kënnen ze fannen. Dat wär eigentlech mäi Wonsch heibäi.

Dat solle mer dann och roueg an dräi Joer feststellen. Déi Motioun, déi hei vun der CSV abruucht ginn ass, schéngt mer net ganz nei ze sinn, kënnt mer iergendwéi bekannt vir. A well ech mat enger Evaluatioun vun der gudder Politik, déi mer maachen, absolutt kee Problem hunn, géif ech deem dann och zoustëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Merci och. An da kéinte mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 7302 iwwergoen.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7302 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

Mir hu 54-mol Jo, 2-mol Neie, 3 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugeholl.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7302 est adopté par 55 voix pour, 2 voix contre et 3 abstentions.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Claude Wiseler), Nancy Arendt (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry (par M. Georges Engel), Mmes Taina Boffering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen (par Mme Simone Asselborn-Bintz);*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);*

*MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini.*

*Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Ass d'Chamber d'accord mat enger Dispens vum zweete Vott?

#### **(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen iwwergoen zum Projet 7140 betreffend d'Hëllef fir d'Kleng- a Mëttelbetriber. An d'Rapportrice...

#### **► Plusieurs voix. - D'Motioun!**

##### **Motion 1**

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.** - Richtig! Ech war schon in vorseilendem Gehorsam, well jiddwereen domat d'accord ass. Mä ech mengen, mir mussen awer nach en Handzeeche maachen.

##### **Vote sur la motion 1**

Wien domat d'accord ass, gëtt wann ech gelift Handzeechen.

Wien ass dergéint?

Gëtt et Enthalungen?

Mir hunn Unanimitéit derfir. Villmools Merci. Ech hätt mer et net verzien.

Madamm Tess Burton, Dir hutt d'Wuert.

#### **4. 7140 - Projet de loi relatif à un régime d'aides en faveur des petites et moyennes entreprises et portant abrogation**

##### **1) des articles 2, 3, 4 et 6 de la loi modifiée du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes; et**

##### **2) de l'article 4 de la loi modifiée du 27 juillet 1993 ayant pour objet 1° le développement et la diversification économiques, 2° l'amélioration de la structure générale et de l'équilibre régional de l'économie**

##### **Rapport de la Commission de l'Économie**

► **Mme Tess Burton (*LSAP*), rapportrice.** - Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, 210.000 Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg si vun 32.000 klengen a mëttelstännesche Betriber geschafte ginn. Dat si 55% vun all eisen Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg. Dës Zuele schwätze fir sech. Eis kleng a mëttelstännesch Betriber spillen eng ganz wichteg Roll an der Entwécklung vun eisem Land.

Mä vu wem schwätze mer iwwerhaapt? Wie sinn dës kleng a mëttelstännesch Betriber, ofgekierzt och PME genannt? Dat si Betriber, wou manner wéi 10 Leit, 50 Leit, op jidde Fall manner wéi 250 Leit schaffen, déi e Chiffre d'affaires pro Joer maache vun net méi wéi 10 Milliounen oder 50 Milliounen. Dat ass zum Beispill den Depositair, deen hei dat Waasser geliwwert huet, dat ass de Schräiner, deen dat Pult hei gebaut huet, dat ass den Elektriker, deen de Mikro hei installéiert huet, dat ass dat Geschäft, wou ech déi Jackett hei kaaft hunn. Am Fong kleng Entrepreneuren, mat deene mer all Dag am Kontakt sinn.

Mä et gëtt net all Dag iwwer se geschwat. Oft gëtt nämlech vun de Leit dobaussen an der Effentlechkeet léiwer iwwer grouss Betriber wéi Google, eng Juggurts- oder Steewolffabrik geschwat, déi och zur Entwécklung vun eisem Land géife bäidroen, mä et kéint een heiansdo mengen, dass d'Aarbecht vun eise klengen a mëttelstännesche Betriber als selbstverständlech ugesi gëtt. Ganz nom Motto: Et leeft jo, si ginn eens.

Ma grad dat ass net de Fall. Eis Betriber liewen haut an enger Zäit, wou si sech ëmmer méi schnell mussen upassen. Si mussen Investitiounen maachen, sech vergréisseren, hir Produktiounslinn erweideren, bee si mussen e ganze Koup méi Efforte maachen, fir kompetitiv ze bleiwen, ewéi dat viru joren nach de Fall war. Mä och fir um Marché iwwerhaapt Fouss ze faassen, ass net ëmmer evident fir jonk Entrepreneuren. Fir nei Clienten aus dem In- an dem Ausland unzezielen, erweist sech heiansdo och ganz schwierig. An och d'Digitalisatioun ass fir vill Betriber net einfach ëmzesetzen. An dat sinn Erausforderungen, deene sech eis Betriber all Dag stelle mussen.

An dofir ass et richtig, dass de Wirtschaftsministerium an Zukunft d'PMEen nach méi ënnerstëtzt wäert. De Ministère gesäit sech als de Partner vun de PMEen, den Alliierten un hirer Säit, fir dës Erausforderungen ze meeschteren, an do wäert dëst Gesetz iwwert d'Regelwierk vun den Aiden eng ganz wichteg Roll spillen. Domat kann de Ministère de PMEen nach méi hëllefen, sech ze entwéckelen a kompetitiv ze bleiwen.

Wéi grad gesot, geet et hei an deem Gesetz ëm d'Aidë fir d'PMEen. Dat Gesetz ass d'lescht Joer den 18. Mee vun der Statssekretärin fir de Wirtschaftsministère deposéiert ginn.

Fir kuerz de Kader nach eng Kéier ze setze vun dësem Gesetz: 2014 huet d'Europäesch Kom-

missioun hiert ganzt Regelwierk am Beräich vun de Statshëllef iwwerschaaft. De Prinzip ass ëmmer bliwwen, dass Statshëllef just a verschiddene Beräicher erlaabt sinn. Aiden an der Fuerschung, an der Energie an am Envrionnement souwéi och fir benodeelegt Regiounen a fir d'PMEe sinn erlaabt. Fir d'Fuerschung, d'Energie an den Envrionnement an d'Régions défavorisées hu mer eist Regelwierk hei zu Lëtzebuerg schon ugepasst. A mat dësem Gesetz hei passt Lëtzebuerg sech och un de véierte Beräich un.

Des Weidere gëtt vun dësem Gesetz profitéiert, fir d'Aidë fir d'PMEen alleguer an ee Gesetz anzeschreiwen. Well bis 2013 war de Ministère des Classes moyennes getrennt vum Ministère de l'Économie. Fréier hat jiddwereen nämlech seng eege legal Basis, déi mer dann elo hei zesummeféiere wäerten.

Mat dësem Gesetz ginn also eis Texter alleguer harmoniséiert. An Zukunft gëtt et dann elo just nach een Text fir d'Fuerschung, fir d'Energie an den Envrionnement an eben och just een Text fir d'Aidë fir d'PMEen, soudass dat och méi transparent gëtt fir d'Betriber.

De Gesetzestext ass déi drëtt Reform, mat där d'Dispositiounen vun Hëllefsgimmern fir d'PMEen definéiert ginn. En éischt Gesetz an deem Kontext gouf 1969 gestëmmt an ass dun 2004 duerch déi aktuell Bestëmmungen ersat ginn, déi sech déi lescht Joren och bewäert hunn.

Här President, den neie Regime d'aides reit sech an an d'Strategie vun der wirtschaftlecher Diversifikatioun hei zu Lëtzebuerg. Et ass nämlech wichteg, dass mir eis Wirtschaft weider diversifizéieren, dass mir nei Weeër sichen, fir eise Wuelstand ze erhalen. Well d'PMEe sinn e wichtige Motor fir de wirtschaftleche Wuessstum an d'Schafung vun Aarbechtsplazen. Dofir muss och d'Entrepreneuriat hei zu Lëtzebuerg gefërdert ginn, dëst net nëmme fir nei Investisseuren aus dem Ausland op Lëtzebuerg ze zéien, mä och grad eise lokalen Entrepreneuriat, well dës seng fest Plaz an der Lëtzebuerger Wirtschaft huet.

Et gëtt schon eng Rei Begleetmesurë fir nei Entrepreneuren, déi sech hei zu Lëtzebuerg installéieren. Mä e Schlëselement fir dës nei Betriber bleift déi finanziell Ënnerstëtzung. A mat dësem Gesetz iwwert de Regime d'aides vun de PMEen, dat mir haut hei stëmmen, stellt de Ministère fir déi nächst fënnf Joer eng Enveloppe budgétaire vun 89 Milliounen zur Verfügung. Dat si 27% méi wéi déi Period virdrun. De Ministère huet bei dësem Gesetz all Montante genotzt, déi Bréissel a sengem Reglement virgesinn huet.

Här President, mat dëser Reform vun den Hëllefsgimmern fir d'PMEe sollen natierlech och d'Ziler vun der drëtter industrieller Revolutioun erreecht ginn. An dëst duerch fristgerecht, innovativ Investissementer an d'PMEen, fir hir Leeschtungen nach ze verbesseren. Et wäerten Efforten an der Digitalisatioun souwéi och an der Zirkularwirtschaft mat dësem Gesetz ënnerstëtzt ginn.

Mä komme mer elo op den Detail vum Projet de loi. Wéi eng Aidë wäerten et an der Zukunft fir d'PMEe ginn? De Projet de loi iwwerhëlt dräi Aiden, déi et schon am Gesetz vun 2004 gouf. Dat ass engersäits d'Bäihëllef fir Investissementer fir d'PMEen. Zweetens, d'Hëllef fir d'Berodungsservicer fir d'PMEen. An drëttens, d'Hëllef wann d'PMEe bei Foiren oder Expoe matmaachen.

Aner Hëllef an deem Gesetz vun 2004 goufe schon duerch aner Gesetzesprojeten ëmgeännert. Dëst betrëfft besonnesch d'Hëllef, déi den Ëmweltschutz, d'Innovatioun, d'Fuerschung an d'Entwécklung betreffen. Kuerz, fir nach eemol op déi dräi bestoend Aiden anzegoen: D'Aide à l'investissement en faveur vun de PMEen ass eng Aide, déi et schon als Basis an deenen zwee anere Gesetzer gouf, déi dem Ministère et erlaben, engem Betrib eng Hëllef ze ginn, fir zum Beispill eng Extensioun, eng Diversifikatioun vu senger Produktiounslinn oder e fundamentale Changement, wéi se operéiert, ze maachen.

Da bleift och an deem neie Gesetz d'Aide fir d'Berodungsservicer bestoen. Hei kann de Ministère de PMEen ënnert d'Aerm gräfen, wa se extern Berodung wëllen hunn. Déi dierf awer net fiskaler, juristescher oder publizitärer Natur sinn, mä éischer wann d'Firma eng Berodung wëllt hunn, fir sech ze digitaliséieren oder sech ëmzestrukturéieren.

An och d'Hëllef fir d'Participatioun u Foirë bleift an deem neie Gesetz bestoen. De Ministère kann d'PMEen, wa se u Foiren deelhuefen, hei am Land oder am Ausland, finanziell ënnerstëtzen. An do kann de Ministère bis zu 50% vun de Fraisen iwwerhuelen.

Dann zu deenen neien Aiden: Wéi gesot, féiere mer mat dësem Gesetz gläich véier nei Aiden

an. D'PMEe kréien an Zukunft Hëllef, wa si un europäesche Projekte wëlle matschaffen, zum Beispill e Projet aus der Groussregioun, do kann de Ministère bis zu 50% subventiounéieren.

Da gëtt eng nei Aide agefouert fir jonk Entrepreneuren. Dat sinn Entrepreneuren, déi net op der Bourse cotéiert sinn, déi net méi al wéi fënnf Joer sinn an déi bis elo och nach keng Gewënner gemaach hunn. Am Beräich vun de Start-uppe ginn et schon Aiden, déi sech awer méi op innovativ Entreprisë konzentréieren. Mat dëser Aide hei, déi agefouert gëtt, soll e kloert Zeeche gesat ginn, dass net nëmme déi innovativ Betriber ënnerstëtzt ginn, mä och déi jonk Betriber aus deem klassesche Beräich. Am europäesche Reglement ass do eng Maximalhëllef vu 400.000 Euro virgesinn, déi de Ministère hei och komplett iwwerholl huet.

Eng weider Aide ass dann déi fir d'Risikofinanzéierung fir d'PMEen. Dës Aide ass zréckzeféieren op e Constat, dee gemaach ginn ass, dass et ëmmer méi schwierig ass fir eng Entreprise, zemoools bei de PMEen, sech de Finanzement fir hir Projekte bei de Banken ze sécheren. Dowéinst ass de Ministère op de Wee gaangen, fir do eng extra Mesure ze schafen. Haut ginn et zwou Mutualitéiten zu Lëtzebuerg, déi als Garant kënnen matgoen am Kader vun engem Projet. Dat heescht, si sti Bierg, am Fall wou e Projet schifgeet, mussen si fir hir Garantie asprangen. Säit 2009 gouf et e Kriseninstrument, wou de Ministère bei de Mutualitéite mat 50% konnt intervenéieren. Mä do war de Budget awer limitéiert. An am Kader vun dësem Projet de loi kann de Ministère an Zukunft bis zu 80% vun der Perte op engem Projet droen.

Esou eng Initiativ ass néideg ginn, well d'Banken ëmmer méi Garantie wëllen hunn. An et soll awer och verhënnert ginn, dass mir net an eng Situatioun komme wéi vill aner Länner, wou et ganz schwéier ass, fir nach Projeten iwwerhaapt finanzéiert ze kréien.

An eng lescht Aide, déi nei agefouert gëtt, ass déi, déi de Ministère kann ausbezuelen, wann eng Entreprise Opfer gëtt vun enger Naturkatastroph. Eng Naturkatastroph kann en Aerdbeewe sinn, en Aerdruetsch, eng Iwwerschwemmung, en Tornado, en Hurricane oder Bränn, déi net vum Mënsch verursaacht gi sinn. De Ministère kann elo mat dëser Hëllef hei bis zu 100% intervenéieren, souwuel fir de Schued wéi och fir den Ausfall. Fir dass dës Mesure kann ugewannt ginn, muss allerdéngs d'Regierung den Incident als Naturkatastroph astufen.

Leider ass Lëtzebuerg vun esou Naturkatastrophen an der leschter Zäit net verschount ginn. Mir erënneren eis un déi schlëmm Wiedere virun zwee Joer am Ernzdall a virun engem Mount am Mëllerdall, wou vill Leit, mä och Betriber, hir Existenz verluer hunn. De Moment hunn an der Regioun Mëllerdall Entrepreneuren net nëmme Schued wéinst dem Waasser, mä och Ausfall, well se hire Betrib net opmaache kënnen, gradesou wéi aner Entrepreneuren, déi elo kee Schued hate wéinst dem Waasser, mä dofir awer Ausfall hunn, well se op d'Infrastrukturen ugewise sinn, déi duerch d'Wiederzerstéiert gi sinn, sief dat zum Beispill d'Wanderweeër oder d'Zougangsstroossen. Dofir ass dës Hëllef sécherlech eng ganz grouss Erlichterung fir dës Betriber.

Da wëll ech nach kuerz drop agoen, wéi déi Aiden alleguer ausbezuelte kënnen ginn, dat kann nämlech ënnerschiddlech sinn. Bei deene meeschten Aiden ass et eng Direkthëllef, also Suen, déi d'Betriber kréien. Mä dat kann och just eng Avance sinn oder Zensvergëschteungen. Bei der Aide fir jonk Entrepreneuren an d'Risikofinanzéierung kann dat och eng Garantie, e Prêt oder eng Bedeelegung un de Fonds propres sinn.

An dann ass och nach ze erwänen, dass am Gesetz en Artikel steet, dass d'Avancen, déi de Ministère gëtt, och kënnen oder mussen zréckbezuelte ginn, wann d'Entreprise Erfolleg huet.

Voilà. Dëst zum Projet de loi.

Da géif ech nach ganz kuerz op d'Avisen agoen. D'Chambre des Métiers huet den 20. Oktober 2017 hiren Avis zum Projet de loi ofginn. An d'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 16. Januar 2018 ofginn. Béid Berufskummere begreisse grondsätzlech dat neit Gesetz iwwert de Regimm vun de Bäihëllef fir d'PMEen.

De Statsrot huet de 24. Abrëll säin Avis ofginn, an deem zwou Opposition-formelle waren. Eng Opposition formelle war wéinst der Hiérarchie des normes, wou am Gesetz op e Reglement verweise gouf, wat dun och geännert ginn ass.